mouvement écologique

oekozenter pafendall

De Mouvement Ecologique an den Oekozenter Pafendall lueden Iech häerzlech an op d'

Aweiungsfest vum Oekozenter Pafendall

e Samschden, 5. Juli 2014 vun 14.00 bis open end
6, rue Vauban, Stad / Pafendall.

Opgepasst: D'Vauban-Strooss ass gespaart.
Fir den Accès kuckt w.e.g. S.2

résumé français du programme pages 9/10

Ouverture vum neien Oekozenter Pafendall: eng Ursaach fir ze feieren!

Mir si frou, Iech op e flott Fest ronderëm d'Aweiung vum neien Oekozenter Pafendall anzelueden. No Joeren ass et endlech esou weit: den Zenter huet seng Dieren opgemaach an domatt hunn d'Berodungsservicer vum Oekozenter Pafendall, de Mouvement Ecologique, d'Stëftung Oekofonds, d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ emol endlech eng Plaz, wou si besser schaffe kënnen.

Virun allem awer soll den Oekozenter eng Plaz ginn wou ee sech begéint, austauscht, diskutéiert, weiderbildt …

Kommt de neien Zenter kucken, a profitéiert vum flotte kulturelle Programm de Samschden, 5. Juli 2014 vun 14.00 – «open end».

Et gëtt genuch gebueden, de Programm ass ganz villfälteg :
Op Stänn ronderem de neien Oekozenter am Pafendall an a verschiddene Säll ass fir Animatioun / relaxt Zesummesinn gesuergt. Wa gutt Wieder ass, sinn natierlech eng Rei vun dëse Veranstaltungen och do baussen.

Notzt w.e.g. den ëffentlechen Transport fir op d'Fest ze kommen oder de Fousswee.

- Vum Fëschmaart resp. vum Eecher Bierg erof gëtt et e flotte Fousswee an de Pafendall.
- Folgend klassesch Buslinne fueren:
  * AVL Linn 9 Clausenerbréck (+/- 10 zu Fouss Richtung allée Mansfeld, rue Vauban)
  * Navette Pfaffenthal (départ "Hamilius quai 9" a "Badeanstallt" – all 20 Minuten bis op Arrêt "Béinchen")
- Extra fir d'Fest hu mäer awer och eng Busnavette vum Glacis aus agesat. D'Horaire sinn:
  * Départ Glacis (av. Pasteur, arrêt City Night Bus) jeweils all 20 Minuten, z.B. um 13.52 - 14.12 - 14.32 - 14.52 … bis 19.42
  * Retour aus dem Pafendall och jeweils all 20 Minuten um 17.00 - 17.20 - 17.40 - 18.00 … bis 23.20.
- Natirlech ass och eng Meiglechkeet do, de Velo ofzestellen.

Entdeckt de neien Oekozenter – gitt méi iwwert de Bau a seng Servicer gewuer

De ganzen Mëtteg - vu 14.00 - 19.00 - kennt Dir Iech de neien Oekozenter och vu bannen ukucken. Maacht en Tour duerch d'Haus an entdeckt dat neit Gebai a seng Offer!

D'Fachberäicher vum Oekozenter Pafendall, d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg, d'Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ stellen op Stänn am Haus hier Aarbechten a Servicer fir. Natiirlech kenne si Iech och beroden, wann Dir konkret Froen ronderëm ekologesch Themen hutt (z.B. ekologescht Bauen, ëmwelt- a gesondheetsschounend Akafen, energieffizient Haushaltsapparater...). Och den Dokumentatiounszenter, den am Opbau ass, ass ze besichen.

Den Architekt vum Gebai, Nico Steinmetz, wäert Iech op Infostänn Ried an Äntwert stoen wann Dir Froen hutt zum Bau, sief et Baumaterialien, Energieversuergung a villes méi.

Visites guidées vum Pafendall

2 aussergewéinlech Visiten stinn um Programm:

14.30: Kuriéises op der Rive Droite: Visite mam President vum Syndicat d'Initiative aus dem Pafendall Jean-André Stammet. Gewise ginn méi onbekannt Eegenaarten aus dem Dällchen: Äiskelleren, Sternwacht, Däiwelsfiels, Féckelsteen, Vaubanstuerm, Fëschleeder, Badeanstalt, Polverlächer.. Loosst Iech emol iwwerraschen. Dauer vun der Visite: 2 Stonnen. RV virun der Entrée vum Oekozenter.

17.15: Besënnlech-kritesch Wanderung: de Marc Schoellen, Kulturhistoriker, féiert eis op séngem Tour vun der Hiel op de Fort Thungen laanscht d'Hondshaus an erëm zeréck. Léiert esou d'Geschicht vum Pafendall emol anescht kennen… an och en anere Bléck op de Pafendall vun haut, a seng Erausfuerderungen fir muer geheien.
Dauer vun der Visite: 1 Stonn - RV virun der Entrée vum Oekozenter.

E Fest … och fir Kanner

De ganze Nomëtten gëtt och esou muenches Extra fir Kanner gebueden:

16.45 an 18.00 Zumba Atelier'en an de ganzen Dag Gesichtsmolen:
Den Atelier Zeralda - oppend Haus Pafendall vun der Caritas jeunes et familles asbl - bedeelegt sech direkt mat 2 flotten Aktivitéiten um Fest fir d'Aarbecht mat de Kanner am Quartier ze vertrieden.
* de ganze Mëtten iwwer kënnen d'Kanner sech schminke loossen;
* an déi Kléng (ab 6 Joer), an awer och déi Grouss, sinn härzlech invitéiert op eng flott Zumbastonn (eng 45 Minuten), danzen wou Spaass a Koordinatioun am Virdergrond stinn (Zumba um 16.45 an 18.00).

14.30 an 17.30: Theatersték «Däumelinchen» fir Kanner:
Loost Iech vu folgender Geschicht verzauberen: *«Ech hunn eng gutt Frëndin, dat ass e klenge Villchen, eng Schmuewel. All Joers, wann de laange kale Wanter eriwwer ass, kënnt si zeréck aus de waarme Länner, a mäin Duerf, bei mäin Haus, bei meng kleng Fënsterchen a verzielt Geschichten. Eng dovunner ass déi vun engem klenge Meedchen, dat net méi grouss ewéi en Domm gouf. Dëst Meedchen gouf vu jidderengem Däumelinchen genannt. Wat d'Däumelinchen alles an der Natur erlieft huet, a wéi engen Déieren hatt begéint ass, dat erzielen Iech elo meng hëlze Biller ...».* Dat klassescht Mäerchen vum Hans Christian Andersen ass op Kënschtlerpaletten gemoolt, déi esou als Erzielbrieder d'Geschicht illustréieren. Illustratioun an Erzielung: Annick Sinner. Dauer: 20 Minuten.

De Programm op een Bléck

Op der Plaz gitt Dir gewuer, wou genau beim / am Oekozenter / am Sang a Klang déi eenzel Veranstaltunge sinn

De ganzen Nomëtten iwwer (14.00 – 19.00)

- Visite vum neien Oekozenter, mat Virstellung vun de Berodungsservicer an den Organisatiounen wou hiere Setz do hunn an Erklärungen vum Architekt
- Stänn ronderëm den Oekozenter
- Musek an der Brasserie vum neien Zenter
- Karikature vum Carlo Schneider
- Gesiichtsmole fir Kanner
- Iessen a Gedrénks

Verschidde Veranstaltungen

14.30: Theater fir Kanner (20 min, Sang a Klang)
14.30: Visite guidée Pafendall mam Jean-André Stammet (Dauer: 2 Stonnen)
14.45: Os amigos da concertina
15.15: Powershow mam Georges Christen (I)
15.45: Luxembourg Pipe Band
16.15: Powershow mam Georges Christen (II)
16.45: Zumba (20 min)
16.45: Luxembourg Pipe Band
17.00: Portugiseschen Danz
17.15: Visite guidée Pafendall mam Marc Schoellen
17.30: Theater fir Kanner (Sang a Klang)
17.30: Millermoaler
18.00: Zumba
18.30: Liesung mam Pierre Puth (Oekozenter, 1. Stack)
19.30: Impact Hour (Brasserie)
20.30: Kabarettmix „Makadammen“ / Roland Gelhausen / Monique Melsen (Sang a Klang)
21.30: Disco mam Gast Klares (Sang a Klang)

En décke Merci un d’Kënschtler, déi net nëmme bereet sinn dëst Fest ze beräicheren ma och zu engem groussen Deel als Don un de Mouvement Ecologique / Oekozenter Pafendall op hiren Gage verzichten!

Weider Infoen: www.meco.lu - www.oekozenter.lu

Interessant Stänn ronderëm den Oekozenter

„Weggefährte“ vum Mouvement / Oekozenter an och nei Initiativen am gesellschaftleche Beräich wäerten hier Aktivitéiten an Iddien virstellen. Do wäerten e.a. sinn: Action Solidarité Tiers Monde - Initiativ Liewensufank - Life / Queesch - Terra (Transition and Education for a Resilient and Regenerative Agriculture) - Projet vu Baugemeinschaften...

Eng Karikatur vum Carlo Schneider – fir Iech ganz perséinlech!

Wollt Dir nach ëmmer eng Karikatur vun Iech oder engem Frend / Bekannten vum Carlo Schneider gemoolt kréien? Ma dann ass grad um Ouvertures-Fest d'Geleeënheet. Tescht 14.00 an 19.00 Auer mëscht de Carlo Karikature vun Iech.
De Präis vun enger Karikatur: 25 Euro.

Vegetaresch a vegan Leckereien a Biofleesch...

De ganzen Dag iwwer gëtt et natierlech ze iessen an ze drénken:
- Gegrilltes mat Bio-Fleesch vun de Pompjeeën aus dem Pafendall
- vegetaresch Burgeren a Kebab vun der Kachéquipe „Veggie Table“ vum Mouvement Ecologique
- Chilli mat Tacos, Nuddel- a Gromperenzalot zoubereed vun der „Vegan Society“, an eng gutt Bowle (mat oder ouni Alkohol).

Animatioun, Danz, Theater, Kabarett

15.15 an 16.15: Powershow mam Georges Christen: De Georges Christen mat senger Powershow beandrocken! Et muss een hie net méi virstellen: mat 26 Rekorden am Guinness Buch agedroen, en huet ënner anerem mat den Zänn en Eisebunnswaggon vun 20 Tonnen 200 Meter wäit gezunn, 3 Sportsfliger bei Vollgas ugehalen an hat Optrëtter an allen 5 Kontinenter op der Welt...

17.00: Portugisesche Folklor: De Pafendaller portugisesche Folklorgrupp «Grupo Folclorico da Mocidade Portuguesa do Luxemburgo» wäert eis hier tradtionnel Dänz weisen.

18.30: Lëtzebuerg de Lëtzebuerger oder Iwwer den Nuebel vun der Welt - En Exkurs iwwer eis Identitéit: De Pierre Puth versicht, dem Stacklëtzebuerger a senger Séil op de Fong ze goen, vum Grof Siegfried bis bei de Lex Roth a vun der Melusina bis bei d'Lea Linster (Plaz: am Konferenzsall vum Oekozenter).

20.30: Kabarett mat der Equipe vun de Makadammen, dem Monique Melsen an dem Roland Gelhausen: e special "Mix" extra fir d'Awéiung vum Oekozenter (Plaz: Sang a Klang, vis-à-vis vum Oekozenter).

Musek

14.45: Os amigos da concertina: Portugiesesch Musék mat Accordeon

15.45 an 16.45: Luxembourg Pipe Band: D'Grupp gouf 2006 zu Lëtzebuerg gegrënnt a besteet aus engen 20 Museker vu 6 Nationalitéiten. Eng kleng Grupp presentéiert zur Aweiung vum neien Oekozenter eng Auswiel vu schottescher Dudelsaackmusek.

17.30: Millermoaler: De Gérard Bintener (Sänger a Gittarist) an Jos Pletschet (Mandolin) bidden eng Palette vu liichten, lëschtegen a romanteschen lëtzebuergeschen Folk-Lidder un.

19.30: Impact Hour: Impact Hour as eng lëtzebuerger Rockband, mat de Sänger / Gittaristen Tun a Christophe, dem Bassist Max an dem Drummer Thierry. Nodeem si eng ganz Rei Präisser gewonnen an Concerten gespillt hunn, schaffe si dëst Joer virun allem un hirem éischten Album. 2013 hu si bei der Ouverture op der Oekofoire gespillt, an hunn do d'Leit begeeschtert.

Géint 21.30: Disco mam Gast, 70ties & 80ties Rock - Funk - Reggae - Progressiv - Folk - Blues - Jazz-Rock - Independent - New Wave... (Sang a Klang)

Fête d'inauguration du nouveau Centre Ecologique – un large programme d'animation pour toute la famille

Le nouveau centre écologique « Oekozenter Pafendall », 6, rue Vauban, ouvre enfin ses portes ! Après des années de chantier le grand moment est venu.

Les finalités de l'Oekozenter sont multiples: d'abord il est le siège de l'Oekozenter Pafendall asbl. Cette asbl met en oeuvre des projets pilotes au niveau du développement durable et assure des conseils écologiques au niveau de la construction et de la consommation durables, d'une agriculture respectueuse de l'environnement et gère notamment les portails www.oekotopten.lu (appareils électro-ménagers à recommander) et www.ecolabel.lu (hébergements touristiques certifiés). Si vous avez besoin d'un conseil pratique, nous pourrons peut-être vous aider. Contactez-nous : oeko@oeko.lu ou tél. 439030-41.

Mais c'est aussi le Mouvement Ecologique, actif dans les domaines du développement durable et de la protection de l'environnement, qui y a son siège tout comme la fondation d'utilité publique Oekofonds, l'Alliance pour le Climat Luxembourg et la «Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ».

Le Centre gère une bibliothèque spécialisée dans les thèmes du développement durable (protection de la nature, jardinage écologique, nourriture saine, assainissement des bâtiments, politique énergétique…), ouverte à toute personne intéressée.

D'autre part, une brasserie dans le centre est périodiquement ouverte au public, une salle de conférence et des salles de réunion peuvent être louées etc.

Une visite dans le cadre de la fête d'inauguration vaut donc la peine ! Vous trouverez - à partir du mois de septembre prochain - toutes les infos sur www.oeko.lu. Attention : la rue Vauban est fermée à la circulation. Prière d'utiliser les transports publics, la navette spéciale partant du Glacis ou de venir à pied du Marché-aux-Poissons ou de la Côte d'Eich !

De 14.00– 19.00: infos, animations, restauration…:

- Porte ouverte au nouveau Centre: les asbl et services établis dans le centre présenteront leurs activités, l'architecte expliquera le concept architectural et énergétique;
- Stands d'associations-amies resp. d'initiatives présentant des projets innovateurs;
- Musique dans la brasserie du nouveau Centre et aux alentours
- « Face painting » pour les enfants, animation par l'atelier Zeralda
- Le caricaturiste Carlo Schneider réalisera des caricatures personelles pour tous les intéressés (prix 25 euros)
- Boissons et restauration.

Et en plus

- **14.30 et 17.30**: Pièce de théâtre pour enfants (en luxembourgeois), durée 20 minutes
- **14.30** Visité guidée du Pfaffenthal par Jean-André Stammet, président du Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Sichenhaff: Kuriéises op der Rive Droite : découvrez des spécificités moins connues du quartier Pfaffenthal!
- **14.45**: Os amigos da concertina, de la musique portugaise avec accordéon
- **15.15**: Powershow avec Georges Christen (I) : l'homme le plus fort du monde va vous étonner (durée 20 minutes)
- **15.45**: Luxembourg Pipe Band : pièces originales en cornemuse
- **16.15**: Powershow aves Georges Christen (II)
- **16.45**: Danse zumba animée par l'atelier Zeralda, pour les petits à partir de 6 ans, mais aussi pour les plus grands
- **16.45**: Luxembourg Pipe Band
- **17.00**: Danse portugaise par le « Grupo Folclorico da Mocidade Portuguesa do Luxemburgo », groupe du Pfaffenthal
- **17.15**: Visite guidée du Pfaffenthal par l'historien Marc Schoellen, qui jettera un «autre coup d'œil» sur ce quartier… (en luxembourgeois)
- **17.30**: Théâtre pour enfants par Annick Sinner, 20 minutes (en luxembourgeois)
- **17.30** Millermoaler: le groupe autour de Gérard Bintener (chanteur et guitariste) et Jos Pletschet (mandoline) offre une diversité de chansons romantiques, ironiques …. folcloriques du Luxembourg
- **18.30:** Un tour d'histoire du Luxembourg et de son idendité par Pierre Puth (en luxembourgeois)
- **19.30:** Impact Hour: ce groupe de rock luxembourgeois composé des chanteurs/ guitaristes Tun et Christophe, du bassiste Max et du batteur Thierry présentera un mix de leurs chansons plus « rocks » ou plus « doux »
- **20.30**: Cabaret „special mix" avec les „Makadammen" et Roland Gelhausen / Monique Melsen (en luxembourgeois).
- **Vers 21.30**: Disco avec Gast, 70ties & 80ties Rock - Funk - Reggae - Progressiv - Folk - Blues - Jazz-Rock - Independent - New Wave...

Infos sur les transports en commun page 2